# Rate Spill & Sensibiliséierungsstand um Dag an der Natur

Um Dag an der Natur (13. Mee 2023) huet de Fairtrade Aktiounsgrupp e Sensibiliséierungsstand zum Thema Fairtrade Gemeng gemaach. Dobäi ass och e Rate-Spill proposéiert ginn.

Fir den Informatiounsstand ware verschidde Flyeren (Kachrezepter, Fairtrade News, EU-Petitioun,…), Posteren (Fairtrade Standards,…) an ee Roll-Up (Fair is the new trade) am Asaz.

Beim Rate-Spill ass et dorëms gaangen op d'Passanten d'Fairtrade-Produkt an d'Produkt aus dem konventionellen Handel ënnerscheede kennen. Dobäi ass et dreems gaange fir géint d'Virurteel „Fairtrade schmaacht net" virzegoen. Laut deem Virurteel misst jo dann ëmmer dat „schlecht" Produkt bezéiungsweis dat wat net schmaacht Fairtrade sinn.
D'Produkter déi beim Rate-Spill ugebuede goufe waren: Schockela, Orangejus, Banannen a Rousen.












Fotoe vum Service Ecologique vun der Stad Esch-Uelzecht

*Témoignage:*
*« Les gouts et les couleurs », deemno huet jidderengem eppes aneres geschmaacht.*

*An och d'Argumentatioune ware ganz ënnerschiddlech.*
*Deemno ware Leit déi bei de Rousen erkläert hunn: „des Rouse gesinn alleguer genau d'selwecht aus, dat fannen ech méi schéin. Dofir sinn dat déi aus Holland."*
*An anerer hu gesot: „des Rouse gesinn alleguer ganz verschidden aus. Dat fannen ech méi schéin ewéi wann se all d'selwecht ausgesinn an dofir sinn des an Holland geziicht."*

*Am Laf vum Dag hunn déi eng Rousen dunn d'Käpp hänke gelooss. Och do ass et du ganz ënnerschiddlech interpretéiert ginn.*
*„Des Rouse loossen de Kapp hänken, da kommen déi bestëmmt de wäite Wee vu Kenia a sinn domat Fairtrade Rousen."*
*An aner Leit hu gesot „Des Rouse loossen de Kapp hänken, da sinn dat bestëmmt déi aus Holland an se si voll mat Pestiziden an nëmmen hier Zäre gewinnt an dofir loossen se elo direkt an der Natur hier Käpp hänken."*

*Ganz oft hunn d'Léit mech gefrot „wéi soll een dann erkenne wat Fairtrade ass?". An dat ass jo eigentlech perfekt, datt d'Léit net wësse wéi een dat erkenne kann, well et eben net en Erkennungsmerkmal gëtt an d'Fairtrade-Produkter an der Qualitéit mindestens grad esou gutt sinn ewéi déi konventionell Produkter.*

*Déi meescht Léit, déi bei de Stand komm sinn, hunn de Fairtrade scho kannt an och ganz positiv iwwert e geduecht.*

*Interessant war dann och d'Informatioun, datt am Cactus d'Bananne vun CHIQUITA an FAIRTRADE de selwechte Kilopräis hunn. Wat vill Léit ganz interessant fannt hunn a si dat nach net wossten."*

Koordination:

esch

**Anna URWALD**
Service Ecologique